N°7255
Entrée le 22.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°7255 vum 29. November 2022 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwert Taxe d'abonnement

Iwwert d'Budgetsgesetz vum Joer 2021 (*loi du 19 décembre 2020 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021*) gouf am OPC Gesetz vun 2010 e reduzéierten Taux fir d'Taxe d'abonnement fir Fongen, déi an nohalteg Produiten investéieren, agefouert.

Zanter dem 1. Januar 2021, sinn des Tauxen applicabel:

Pourcentage vun den Aktiva vum Fong déi an nohalteg Produiten investéiert sinn (zertifiéiert vun engem Reviseur d'entreprises agréé)	***Taux vun der Taxe d'abonnement***
Minimum 5%	0,04%
Minimum 20%	0,03%
Minimum 35%	0,02 %
Minimum 50%	0,01%

Op déi lescht Échéance vun der Taxe d'abonnement gekuckt, déi all Trimester fälleg gëtt, hunn d'Fongen, déi vun dëser reduzéierter Taxe d'abonnement konnten profitéieren an der Moyenne 95.378,04 Euro Taxe d'abonnement pro Trimester bezuelt.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes